**PRESSEMATDEELUNG 10.12.2025**

## De Bobësch gëtt zur NATURA 2000 ZONE erkläert – R-V den 13.12.2025 um 10:30

De Regierungsrot huet den **31. Januar 2024** e Projet de règlement grand-ducal approuvéiert fir de Bobësch an déi besteeënd Natura2000-Zone - zu deër och den Zaemerbësch gehéiert - anzebezéien. Domat steet de Bobësch elo schonn den europäesche Reegelen no ënnert engem besonnesche Statut, deen e virun groussflächegen Ofholzunge schützt. D'Regierung huet awer, ënnert Verletzung vum Naturschutzgesetz, dee Beschloss nach net un d'europäesch Kommissioun op Bréissel weidergereecht fir dass de Bobësch definitiv zu engem europäesch geschützte Site erkläert ka ginn, wat e jo de facto schonn ass. Et pour cause: si wëll virdrun nach 2 Ha Beem ofholze, fir de Bau vum Contournement!

Mat enger symbolescher Aktioun op der Plaz wëlle mer ënnersträichen, dass de Bobësch e Natura2000-Gebitt ass mat alle Konsequenzen déi sech doraus fir de Projet Contournement erginn. Deen aktuell geplangte Projet muss gestoppt a nei evaluéiert ginn.

Op dëser Plaz si virun 3 Joer, genee den **10. Dezember 2022**, e puer 150Joer al Beem an insgesamt méi wéi 12 Ar Bësch ewechgehae ginn - an der Urgence – mam Virwand, nei Leitungen fir e neien Uewe fir d'Firma Guardian ze leeën, dee wann e bis produzéiere géing, net méi ënnerbrach däerf ginn a 24 op 24 Stonne lafe muss.

De **15. November 2023** huet d'Ponts&Chaussées eréischt nei d'Gasleitungen ënnert dem CR110 verluet, an enger Déift vu bal 5 Meter, obschonn zënter dem neien APD (avant-projet détaillé) vum Contournement vum **14. September 2023** definitiv bekannt wuar, dass den CR110 net muss ofgesenkt ginn well e mat engem Rond-Point un de Contournement soll ugeschloss ginn.

De Bobësch huet zënterhier eng Wonn, eng Wonn déi willkürlech an onnéideg wuar, eng Wonn déi mer versichen ze heelen.

Mir erënneren drun, dass d'BIGS e Recours viru Geriicht géint de Projet Contournement agereecht huet, wou d'Plädoirie fir de **16. Dezember 2026** virgesi sinn. Mat engem **1. Urteel** ass **2027** ze rechnen.

Mat der Aktioun vun haut lancéiere mer eis traditionell Treffen hei am Zaemerbësch an am Bobësch nom Motto

# #Bobibleift #Bobilieft #keeContournement

**R-V e Samschdeg, 13. Dezember 2025 um 10:30 am Bobësch, bei der Gare vu Suessem/Käerjeng**
**Passt är Kleedung a Schung dem Terrain an de Wiederkonditiounen un!**